

Wann een all Assistenzhond den Accès zu engem öffentleche Gebai oder enger öffentlecher Plaz verweigert, heescht dat och, datt d’Persoun, déi vum Hond begleet gëtt, den Accès verweigert kritt an hir domadder Rechter geholl ginn, déi aner Leit an der Gesellschaft hunn.

Ech fannen et och interessant, datt mer gesinn, woubäi déi Hënn iwwerall kënnen agesat ginn: eng Kéier bei Leit, déi am Rollstull sinn, mä awer och fir autistesche Persounen. Si kënnen souguer bei engem, deen epileptesch Ufäll kritt, dat erkennen, ier déi Persoun eng epileptesch Kris kritt, woumat natierlech ka verhënnert ginn, datt et zu grousser Schwieeregkeete kënnt. Fir Héiergeschiedegt kënnen si och Signalthënn sinn, déi och dorobber reagéieren. Dir gesitt also, datt dës Déieren hire Meeschteren zu méi Mobilitéit an Autonomie verhëllefen. Si erméiglechen deene betraffene Leit, sech verstärkt um gesellschaftleche Liewen ze bedeelegen, an domat suerge se och indirekt derfir, datt dës Persounen hir sozial Integratioun méi liicht fält a se méi séier virugeen.

Virussetzung dofir ass natierlech de fräien Accès vun den Assistenzhënn zu Gebaier a Plazen, déi fir de Publikum zougänglech a garantéiert sinn. D’Madame Arendt huet och gesot, datt den allgemenge Prinzip deen ass, datt se iwwerall mussen hi kënnegoen, mat Ausnahm wann e Reglement festhält, datt se entweder aus Grënn vun der öffentlecher Sécherheet oder der Salubritéit net kënnen dohinner goen.

Wichtig ass awer och drop hinzewiesen, datt am November 2006 eng Direktiv an e Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat gouf, wat den Employeuren imposéiert, d’Aarbechtsplaz esou ze aménagéieren, wann dat rasonnabel ass, datt eng Persoun mat engem Handicap bei hinne ka schaffen, an zu dësen Aménagementen gehéiert och - mat Ausnahmefäll -, datt déi behënnert Persoun hiren Assistenzhond ka mathuelen.

Assistenzhënn gehéieren deemno zu deem Mënsch, dee si begleeten. Si ze trennen heescht, där behënnert Persoun erëm e Stéck Autonomie ewechzehuelen an hir eng aktiv Participatioun an der Gesellschaft ze verweigere.

Duerfir soen ech lech villmoos Merci, datt Der am Sënn vun deene Behënnerten hinne méi Autonomie zoukomme loosst, a si esou och besser Chancen hunn, fir kënnen an eiser Gesellschaft ze participéieren.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zum Vote vun dësem Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5738 ass eestëmmege ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall’Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Eugène Berger), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass d’Diskusioun vum Projet de loi iwwert d’Privilèges et immunités accordés à l’Agence européenne de défense et à son personnel. D’Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Angel.

6. 5817 - Projet de loi portant approbation de la Décision des représentants des Gouvernements des États membres réunis au sein du Conseil concernant les privilèges et immunités accordés à l’Agence européenne de défense et à son personnel, signée à Bruxelles, le 10 novembre 2004

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l’Immigration

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi 5817 geet et wéi gesot ëm d’Approbatioun vun enger Décisioun vum Conseil européen iwwert d’Privilegien an d’Immunitéite vum der Agence européenne de défense an hirem Personal.

Erlaabt mer e puer Wuert iwwert déi Agence européenne de défense ze soen. Dës Agence agéiert ënnert der Autoritéit vum Conseil, fir am institutionelle Kader vun der EU déi sougenannte PESC - Politique étrangère et de sécurité commune - an déi sougenannte PESD - Politique européenne de sécurité et de défense - ze ënnerstëtzen. D’Agence européenne de défense huet hire Sëtz zu Bréissel, an all Memberstaten ausser Dänemark participéieren an dëser Agence.

D’Ziler vun dëser Agence sinn:

- 1) d’Entwécklung vun der Verdeedegungs-capacitéiten am Domän vun der Gestion de crises,
- 2) d’Promotioun an d’Verbesserung vun der europäescher Zesummenaarbecht a puncto Rüstung,
- 3) d’Verstärkung vun der europäescher Industrie an Technologie en matière de défense,
- 4) d’Schafe vun engem europäesche Maart fir Verdeedegungséquipementen, deen um Weltmaart ka konkurrenzfäeg ginn,
- 5) d’Verbesserung vun der Effikassitéit vun der europäescher Recherche an der Technologie en matière de défense.

Dës Agence ass dirigéiert vun engem Comité directeur, an deem all Land e Vertrieeder huet, an och d’Kommissioun huet do e Vertrieeder. De Comité directeur gëtt présidéiert vum Generalsekretär vum Conseil,

dee jo och Haut Représentant ass fir d’Aus-sen- a Sécherheetspolitik. Dëse Comité directeur muss och zweemol am Joer zesummekommen um Niveau vun der Verdeedegungs-ministère vun der Memberstaten.

Déi Décisioun vum Conseil iwwert d’Privilegien an d’Immunitéit fir dës Agence an hirt Personal besteet aus 18 Artikelen. Den éischten Artikel seet zum Beispill, dass d’Raimlechkeeten an d’Gebaier vun der Agence net duerchsicht kënnen ginn. Et dierf och keng Perquisitioun an och keng Saisie do duerchgefouert ginn.

Am zweeten Artikel geet et ëm d’Inviolabilitéit vun der Agence hiren Archiven. D’Artikelen 3, 7 an 9 ginn ëm de Régime fiscal vun der Agence hirem Personal. D’Agence selwer ass vun allen direkte Steiere befreit. D’Personal ass exonériert vum Impôt national sur le revenu. An dësem Fall ass dat de belschen Impôt. Si mussen awer eng Steuer bezuelen, déi au profit vun der Agence geet.

Wat d’Immunitéite vum Personal ugeet, sou gëtt alles am Artikel 7 beschriwwen. D’Immunitéit, déi duerch deen Artikel gewährleistet gëtt, gëllt awer net am Fall, wou eng drëtt Persoun zum Beispill en Zivilverfahre wéinst Schied duerch e Verkéiersaccident oder Kierperverletzung géint déi betreffend Persoun ustriift.

Et handelt sech also hei ëm e klasseschen Dispositif, wéi mer e scho bei Europol, bei Athena oder aneren europäeschen Agenzen haten. Et sinn nach just e puer speziell Dispositiounen hei derbäigefügt ginn, wou et ëm den Transfert vu Verdeedegungsmaterial geet, an och dorëm, wann national Experten détachéiert ginn un déi Agence.

De Conseil d’État huet dës Projet gekuckt an huet och säin Okay ginn. Hie seet just eppes zum Artikel 12. Deen Artikel handelt ëm de Fall, wou et Sträit gëtt, wat d’Levée vun der Immunitéit ubelaangt. Do mécht de Statsrot drop opmierksam, dass een net soll de Secret défense invoquéieren, fir eben e Refus vun der Levée d’immunité ze justifiéieren.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d’Nolauschten a géif all Fraktiounen bidden, dës Projet ze stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Den Här Braz huet d’Wuert.

Discussion générale

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Wéinst deem leschte vun Här Angel opgeworfene Punkt wëlle mir als gréng Fraktioun och soen, dass mer eis enthalen. Dat ass an dëser Konventioun anescht geregelt wéi an all anere vergläichbaren. A well deen dote Flou bestoe bleift, si mer mat deem Text, esou wéi en elo virläit, net ganz d’accord a wäerten eis och duerfir beim Vote enthalen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Jaerling huet d’Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Merci, Här President. Ech wëll lech soen, dass ech dat do net stëmmen aus deene selwechten Ursaachen, firwat ech de Verfassungstraité an den Traité vu Lissabon net gestëmmt hunn. Dat hei ass eng kloer Oprüstung. Et fält ënnert de Kader vun der Oprüstung, mat där ech net kann d’accord sinn.

Wann ech hei liesen: «...le renforcement de la base industrielle et technologique européenne dans le domaine de la défense (BITD) et la création d’un marché européen des équipements de défense qui soit concurrentiel sur le plan international;...», dann ass dat eng kloer Richtlinn fir d’Oprüstungsindustrie, fir d’Industrie d’armement, woumadder ech einfach net kann d’accord sinn.

Ech verstinn net, wéisou dat heiten elo einfach hei esou ouni Oppositioun kann duerchgoen!

Déi Argumenter, déi ech beim Verfassungstraité an och beim Traité vu Lissabon hei ervirbruecht hunn, sinn déiselwecht, firwat ech deen heite Projet net ka stëmmen. Dat hei geet ganz kloer an d’Richtung vun enger Oprüstung, an esou eppes kann ech net matdroen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Angel huet d’Wuert.

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Et geet ëm e klassesche Fall vun Immunitéiten a Privilegië vum Personal vun enger europäescher Agence, wéi et der vill gëtt. Ech kann dem Här Braz seng Bedenken, wat den Artikel 12 ugeet, novollzéien, awer dat, wat den Här Jaerling gesot huet, net.

Mir stëmmen jo hei net iwwert déi Agence of; mir stëmmen hei iwwert de Statut vum Personal a vun der Agence selwer of.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur fir déi Explikatiounen. Mir kommen dann zum Vote vun dësem Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5817 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall’Agnol);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Nächste Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D’Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.50 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu